N° 8096
Entrée le 20.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Madamm Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro no° 8096 vum 20. Juni 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Roy REDING iwwert den "avantage en nature" bei Ministeren.

Ewéi vum honorabelen Deputéierten Roy Reding a senger Ufro festgestallt, stëmmt et, datt eng *Reprise privée* am Alinea 7 vum Artikel 48 vum Akommesteiergesetz vun 1967 (LIR) virgesinn ass. Dës appliZéiert sech awer nëmmen u gewëssen Typpe vu Revenu, an zwar fir e „*Bénéfice commercial*", e „*Bénéfice agricole et forestier*" oder e „*Bénéfice provenant de l'exercice d'une profession liberale*" (No. 1 bis 3 vum Artikel 10 LIR).

Engem Minister säin Traitement fält awer a keng vun dësen dräi Kategorien. Et handelt sech hei em e „*Revenu net provenant d'une occupation salariée*" (No. 4 vum Artikel 10 LIR/Art. 95 LIR). An deem Kontext ass keng Reprise vun Ausgabe fir Aarbechtsiesse virgesinn.

Ausgabe fir Aarbechtsiessen, sief et am Privat- oder am Ëffentlechen- Sektor, kënnen ob Basis vum Artikel 95 Alinéa 2 LIR net als *Avantage en nature* fir en Salarié respektiv Minister geltend gemaach ginn.

Et ass also festzestellen, dass et keng Differenzen am Traitement tëscht ëffentlechem an privatem Sektor gëtt. Déi Differenzen déi vum Här Deputéierten ugedeit ginn, entstinn doduerch, datt et sech em verschidde Kategorie vun Akommes handelt, déi eben anescht bestëmmt ginn.

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2023

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes